

FREIDEG 13. NOVEMBER 2020 UM 20 AUER



FREIER WOR ALLES -

Eng satirësch Chronik vun de 60^{er} Jore bis haut

Jhemp Hoscheit, Spill.
Julien Arpetti, Musek.

Dauer: ca. 90' ouni Paus

— PROGRAMM

An dëser satirescher Zäitrees, déi bis elo op 10 verschidde Plaze mat grousssem Publikumserfolleg opgefouert gouf, kucken déi zwee Artisten op eng virdigital Zäit zrëck. No den zwee politesche Joresréckblécker « Sorry fir den Duercherneen » (2017) a « Märd alors!!! » (2019), ass dës nei kabarettistesche Liesung e witzegen, ofwiesslungsräichen zäithistoresche Réckbléck vun de 60er Jore bis haut. Vum Analoge bis zum Digitalen: Vum Schlappekino bis zum Netflix, vum Haustelefon bis zum iPhone, vun der Musekcassette bis zum Streaming, vum Thé Dansant bis zur Technoparty, vum Homo erectus bis zum Smombie. Vu Bonanza bis zum Game of Thrones. Humor, Ironie a Wuertwitz verbanne sech mat enger Dosis Nostalgie. Vergaangenes gött awer net nëmme just opgewiermt, mee kritesch hannerfrot a mat Aktuellem opgekacht. Dës Zäitrees ass generatiouneniwwergräifend a jidderee ka sech op seng Manéier dran erëmmerken, et ass en Hin an Hier tëscht fréier an dem Zäitgeescht vun haut. De Jhemp Hoscheit trëtt am Rollespill mam Museker a Gittarist Jules Arpetti op, deen net nëmme kabarettisteschen Textinterpret ass, mee och mat de passende Songen an Oldies fir déi zousätzlech musikalesch Ambiance suergt.

02

— BIOGRAPHIEN

De **Jhemp Hoscheit** kann een scho bal als alen Hues an der lëtzebuurger Kabaretszeen bezeichnen. Seng Aarbecht kann opgedeelt ginn an d'Gebidder vu Geschichten, Romaner, Gedichter, Kabaret- an Theatertexter a schliisslech och Kannerbicher. Gebuer 1951 zu Esch-Uelzecht, huet hien 1980 säin éischten (Kabaret) Text geschriwwen, mam Titel « De Poopst kënt op Lëtzebuerg ». Den Hoscheit beschreift déi uschléissend Zesummenaarbecht mam Jhemp Schuster als ganz produktiv. Sou si Wierker entstane wéi « Jhemp2 », « Cabarambo » (1986), « Chlorrosen » (1990) oder « Härentour » (1993). Vun 1995 huet hien eng Paus vum Kabaret gemaach, déi bis 2009 sollt daueren. An der Tëschenzäit huet hien sech als « richtege Schrëftsteller » entdeckt. Säin éischte Roman « Perl oder Pica » huet ageschloen wéi eng Bomm. Nodeems hien den drëtte Präis am nationale Literaturpräis 1997 gewonnen hat an d'Buch 1998 offiziell erauskoum, krut hien och de Prix Servais am Joer 1999. Zënter 2009 huet hien sech erëm méi fir de Kabaret begeeschert, begleet gött hien hei ënner anerem vum Julian Arpetti sou wéi am « Sorry fir den Duercherneen » (2017), « Märd alors!!! » (2019) a « Fréier wor alles- » (2020).

De **Julien Arpetti** huet op der Universitéit zu Stroossbuerg vun 1980 bis 1981 Biochimie studéiert, a vun 1981 bis 1985 Romanistik. Zënter 1986 schafft hien als Franséischproff am Lycée Technique Mathias Adam. 1962 gebuer, ass den 58 Joer ale Lëtzebuerger als Museker a Songwriter zu Lëtzebuerg gutt bekannt. Hien schreift Musek fir Film- an Theaterproduktiounen, wéi zum Beispill d'Stéck Péiteng (1995) vum Jean-Paul Maes. 2001 gouf hien vum SACEM Frankräich fir de Song Surtout pas réfléchir zum beschte Chansonnier vum Joer ernannt. 2008 huet hien eng Auswiel vu sengen Texter ënner dem Titel Julien Arpettises notes, ses amis de notes, ses notes d'amis publizéiert, an deenen hien seng Karriär als Museker reflektéiert. An Zesummenaarbecht mam Jhemp Hoscheit sinn d'Joresréckblécker « Sorry fir deen Duercherneen » (2017), « Märd alors!!! » (2019) an déi nostalgesch-satiresch Chronik Fréier wor alles ... (2020), an där d'Joren 1960-2020 reflektéiert ginn, entstane.

08.

BIS

10.

JANUAR

20

MAKADAMMEN



KABARETT

PROCHAINES MANIFESTATIONS

DIM 15
NOV
À 17H

ANNULÉ
VOUS ÊTES TOUT BISS HOLLYWOOD
Ensemble de cuivres



JEU 19
NOV
À 20H

BLAST
Compagnie Vedanza
Danse contemporaine

SAM 21
NOV
À 20H

ANDY HOUSCHEID TRIO feat. CLAIRE PARSONS
(remplacement du concert *double bill* avec Konstantin Wecker)
Chanson



REPORTÉ
GENIEN. LIEDERMACHER. TALENTE.
Konzert mit Konstantin Wecker, Jo Barnikel & Andy Houscheid
Chanson

LUN 23
NOV
À 19H

LËTZEBUERGER MUSEK SÄIT DEM 2. WELTKRICH
Damien Sagrillo (Université du Luxembourg)
Conférence - Cycle Kulturgeschichte Lëtzebuerg 2/4

JEU 26
NOV
À 20H

ANNULÉ
DEUTSCHER THEATER UND SEIN HENKER
Theater
Théâtre en allemand



CAPE - Centre des Arts Pluriels Ettelbruck

Association sans but lucratif
R.C.S. Luxembourg F6522 - TVA LU18498947
Administration: +352 / 26 81 21-1
Boîte postale 159 L-9002 Ettelbruck

Tickets : +352 / 2681 2681 (13h-18h) – billetterie@cape.lu

www.cape.lu - www.caku.lu - www.facebook.com/CAPE.Ettelbruck

Centre des Arts Pluriels Ed. Juncker
1, place Marie-Adélaïde L-9063 Ettelbruck

